Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , , , , den 04/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Finanzen weiderzeleeden.

An enger fréierer Fro n°6146 hunn mir eis zu de Steiererklärunge vu Privatpersounen informéiert. Et ass awer och intressant ze wëssen, wou d'Steierverwaltung drun ass, wat d'Entreprisen ugeet.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Steiererklärunge vun Entreprisen aus dem Joer 2019 a virdru sinn nach net clôturéiert?
   Kann d'Ministesch dës Zuele pro Joer (an deem d'Erklärung agereecht gouf) opschlësselen?

2. A wéi ville Fäll gouf an deene leschten 10 Joer een Decompte vun der Administration des contributions directes (ACD) opgestallt, dee méi héich wéi 50.000 € war?

3. A wéi ville vun dëse Fäll hunn déi betraffe Firme mat der Steierverwaltung ee Plan de paiement opgestallt?
   Wat fir Zënse ginn dee Moment gefrot a vu wat ass d'Héicht vun dësen Zënsen ofhängeg?1

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

GOERGEN Marc
Député